De Grënner vun der Scoutsbewegung de Robert Smith Baden Powell, Lord of Gillwell, deen mir nëmmen de B.P. nennen huet der Welt d'Iddie vum Scoutismus geschenkt. A sengem Abschiedsbréif un d'Scouten aus aller Welt huet hien eis Scouten opgedroen ; " *Versicht d'Welt e bës'che besser ze verloossen wéi Dir se viirfonnt hutt.* " Fir all Amicalesleit , Cheftaine oder Chef ass daat den eigentlëche Beweggrond firwaat mir eis an den Déngscht vun de Kanner a Jugendlëche stellen.

Fir zesumme mat hinnen bei Spill Spaass awer bei muenech sérieux'em Effort deene wiirkleche Wärter am mënschlësche Liewen nozefuerschen, sinn an eisem Grupp an deene vergaangene 7 Joer an allen 3 Branchen zesummen ongeféier **340 Versammlungen** ofgehaalen ginn. D'Wëllëfcher, d'Explorer an d'Pionéier waren an der Zait während **192 Deeg an 166 Nuechten** op engem Camp, engem Weekend oder enger Sortie zesummen. Daat heescht, wann een ët zesummerechent , waren während e bës'che méih **wéi 6;5 Méint** Kanner a Cheffen mat enger gemeinsamer Iddie ënnerwee , an huen dobei **och 87 Nuechten** am Zelt oder ënnert freiem Himmel geschloof.

An dësën 7 Joer sinn **mindestens 126 Kanner a Jonker** an eisem Grupp gewiecht, dovun , sinn der de Moment nach **61 aktiv**.
Et hun sëch an der Zait **28 Leit als Cheff** engagéiert (op manst verbal), dovun sinn der elo nach **12méih oder manner aktiv**, awer offiziell nach ugemellt.

De Moment sinn genau 83 Memberen beim Verband gemellt:

19 Wiwel
27 Explorer
15 Pionnéier
10 Matarbechter (Amicale)

- 12 Chef/taines dovun 5 bei de Wiwel, 4 bei den Explorer, 2 bei de Pio'en an eisen Aumonier Iwerbléck iwert de Grupp ginn. Zum Stand vun eiser Chefformatioun seet de Steve nach e puer Wuert.

d'Scoutsjoer 1999/2000 am Réckbléck:

- No enger wuelverdingter Vakanz waren d'Cheffen den 14.09.99 eng éischte Kéier zesumme fir sëch géigenseiteg de Bolz ze huelen an déi neiSaison viirzebereeden
- Wéi d'Traditioun et wëllt ass d'Saison offiziel ugang mam **Kongress** vun den LGS zu Luerenzweiler den 23.09.99 en Dag drop ass et mam **Chefdag** weidergang. Eise Grupp war mat enger grousser Delegatioun (8 Leit) vertrueden. Dat ass ëmmer eng flott Geleegenheet fir al

Bekanter rëmzegesinn, an nei Frënn ze fannen. Ausserdem gin hei ¨mmer déi eng oder aner Iddie vir déi nei Saison ausgetauscht.

- Fir Explorer a Pionnéier war déi **éischt Versammlung** mat de Kanner a Jugendlëchen den 05.10.99.Leider waren eng ganz Reih vun eisen ale Pionnéier nëtt méih derbei, sou datt d'Reihen vun de Pioen stark gelicht waren. Op enger spezieller Versammlung mat allen Pionnéier , den 28te September 99 hate mir an enger freier Aussprooch mat den ale Pionnéier déi Punkten diskutéiert, déi eis um Summercamp entzweet haten. Sou sinn mir wéinstens am Versteesdemëch fir dem aneren sein Standpunkt auseneen gangen.
- Séier hat eis de Scoutsalldag nees a senger Gewalt mat sengen traditionnelen Aktivitéiten. Dënschdegs den 19.10.99 hu mir dem Hierscht seng gutt Seit genoss a **Viez gekeltert** an Äppeltaarte gebaak. Mat engem Thüringer beim Lagerfeier ass dess Aktioun zu Enn gang.
- Samsdegs den 23.10.99 war Opregung ze spiiren. Wiwel an Explorer sinn zesummen mam Bus an de Mëllerdall gefuer . Bei engem Fousstour duerch déi flott Fielselandschaft hun d'Estelle, d'Anne, d'Martine,d'Sandy, d'Joelle, d'Cathy, de Ben, den Alain, de Marc,an de Paul an der Hiel " Déiwepötz" hier **Montée bei d'Explorer** gemaacht Angeblech soll keen an der Hiel gefaart hun. Si koumen och nët derzou well se sech op hirt Gejeitz an der Hiel hun miise konzentréieren.
- Gleich no der Montée ass de Carlo mat de **Bulldogs** am Bësch bliwwen. Dëss Patrull hat **d'Camptrophy** 1999 gewonn an domat e **Weekend** fir sëch eleng .Sie hun zu Berdorf an enger grousser Hiel (Huellay) geschlof, an dobei gemierkt, dass een Nuets nëtt ëmmer eléng am Bësch ass.
- Den nächste Coup stung schon virun der Diir. Vum 4.bis de7ten 11.99 waren **d'Pionéier um Montéescamp zu Kalber**. Als Aussteiger a Biobaueren hun d'Nathalia, de Pit, de Jérôme, de Fonni (Ex Christopher) an de Gilles villes mussen aushalen fir an d'Pio'en ze kommen. Souguer en Hike vun bal 28 km !! hun sie zesummen gepackt, an dat bei den Eislécker Koppen do uawwen an Temperaturen vun zum Deel minus 6 Grad.
- Den 19.11.99 war eng méih gemittlech Aktioun fir d'Cheffen ugesot. Nom Motto: " Man gönnt sich ja sonst nichts" hun eng Reih Leit vun eis beim Ave**x-Chefftreff** zu Warken den neie Beaujolais begréist. Dat sollt nëmmen zur Afféierung an den Thema : Alkoholismus am Scoutismus dingen. Dësen Thema ass gleich drop nach verdéift gin, wéi
- den 21.11.99 eis Pio'en zu Medingen en denkwürdegt Experiment gemacht hun . Sie hun hier natiirlëch Oofneigung géinst de Béier iwerwonn an selwer Béier gebraut. Eis éischt Cuvée "**Martinator** " ass entstaan. De Wert vun de Bouferdéngsaktien ass dorop stark an de Keller an de Keller gefall.
- Mais gleich drop hu mir nees zur gewinnter Sériositéit missten zeréckfannen. Samsdegs den 27.11.99 hu mir wéi wëll **Adventskränz** gebastelt, fir eiser Kees de Réck ze steipen, datt dobei de **Klés'chen** eis och nach beschenkt huet hu mir eis gär gefale gelooss;
- Krëschtdag stung virun der Diir. An der Perspektiv sinn mir, den 21.12.99 mat allen 3 Branchen op Réimech gefuer **d'Friddensliicht** vu Betlehem oofhuelen, dat déi Réimecher Scouten op Wien fir Lëtzebuerg siche waren;
- Mais virun de Feierdeeg sinn mir nach eng Kéier voll aus dem Suedel gang. Den 23.12.99 hu mir eis mat engem Nuetsmarsch, enger **Veillée** an enger Spagettisfriess op **Krëschtdag** agestëmmt. Dobei hun mir décidéiert, de Parrainnage iwert e klenge Jong aus Afrika ze iwerhuelen .D**en Amadou Yalcoué** (gebuer 1989) liewt an engem SOS -Kannerduerf zu Scoura Mopti am Mali. Mat 40 Frs am Mount (jidfereen verzicht op eng Cola) kennen mir him eng Plaatz am

Kannerduerf an eng ordentlech Ausbildung garantéieren. Waat asl Kollektiv-B.A. ënnert dem Krëschtbemchen hei am Home ugangen ass, leeft elo am 2te Joer. Zënter dësem Krëschtdag sollen sëch och d'Pionnéier bedeelegen. Pénktlech nom 3te Rappel landen d"Suen och meeschtens an der Sammeldous. Leider huet bis elo nach keen vun de Scouten d'Offer opgegraff, fir mat eisem klenge Parrain an Bréifkontakt ze trieden. Mais, waat nëtt ass , ka jo nach kommen.!

- De 24.12.99, op helleg Owend sin mir an e puer Equippen ënnerwee gewiecht, fir **d'Friddensliicht** vu Betlehem an e puer Kichelcher, déi d'Scouten matbruecht haten, un ëm déi 70 Mënschen ze **verschenken** déi al , krank oder eleng waren. Sou hun mir e wéineg richteg Krëschtdagsfreed konnten bréngen an erliewen;
- Dënschdes den 28.12.99 an den 04.01.2000 hate mir eng Première; Fir d'éischte Kéier hate mir an enger Vakanz **Versammlungen** (zum Thema **Weltrees**, Italien a Kanada stungen nach um Programm) D'Chefféquippe war sëch eens, mir haten nach nëtt bal en Thema fir eng Expeditioun dat vun de Scouten sou gutt opgeholt gouf wéi grad d'Weltrees. Mat ganz vill Asatz ass gebastelt, gesammelt, gekacht a geschmaacht ginn, waat aner Länner ze bidden hun. Dëss Expeditioun Weltrees huet hirt' Enn fonnt vum 5.-8.01.2000 wéi dun eis Explorer zu Kalber um **Wantercamp** . Do sinn sie ënnert dem Thema " Rees op Hawai" matten am Wanter am Bast-räkchen dorueter galaaf. Nom Nuetspill an de Ruinen vun der Kalbermillen hun déi meescht vun den neien Explorer hiren Start gehollt,
- Samsdegs den 11.02.2000 haten mir Cheffen an eis Frënn aus der Amicale eise **gemeinsamen Owend** . Bei engem gudde Maufel hu mir neie Schwok getankt vir déi Effor'ten déi vrun eis louchen.
- Den 19ten an 20.02.2000 ware mir dramaturgesch aktiv.Op eisem **Scoutsteater** hun d'Wiwel" 3 gëllen Daiwelshoer" gespillt, d'Explorer waren mat "E Six-Pack am Lotto " an " de Koffer" derbei während d'Pio'en mat "Steierallergie" an "welcome to Luxemburg" 2 flotter Sketcher zum Beschte ginn hun. D'Kulturwelt war sech eens, Fëlschdrëff entwéckelt sëch , dank eis, lues awer sëcher, zum kulturelle Mëttelpunkt vum Grand-Duché.
- 2 Deeg duerno hun mir mam ganze Grupp **gefeiert**, an zwar 3fach: - de 7te Geburtsdag vun eisem Grupp; - de Thinkingday (dem B.P. sei Geburtsdag) - an den Erfolleg vun eisem Teater. De Boris huet eis e kurze Portrait vum B.P. gemaacht, d'Pio'en hun de Martinator der staunender Welt präsentéiert, an zesummen hu mir dunn eis Zaloten an Dessert'en gebafft;
- Fir der spiritueller Dimensioun vun eisem Scoutsengagement och nees eng Kéier gerecht ze ginn hun d'Scouten zu den 06.04.2000 Fëlschdrëff de **Kraizwee** mat de Leit gebiet.
- Den 15ten a 16.04.2000 waren d'Explorer zu Lenningen um **Technikeweekend** vir sêch an de klasseschen Scoutstechniken aféieren oder perfektionnéieren ze loossen; 1t Hëllef, Konstruktiounen, Kniet an Orientéierung stongen um Programm. De Jang koum, an huet eis am gehëtzten Zelt e flotten Wuertgottesdéngscht gehal, de Pällem deen dobei geseent gouf huet eis esouguer bis an Dänemark begleed; eng Reih vu Bagder konnten dunn u stolz Explorer iwerreecht gin, als Auszeechnung vir geleeschten Effort'en. Flott war, datt esouguer een Atelier vun 4 Explorer selwer geleet gouf. Hei huet sech rem gewisen, datt och Cheffen nëmmen Mënschen sinn. d'Rettungsschléng op allefall konnt kee Cheff méi viirmaachen. Doraus awer de Schloss ze zéien, déi wäre jo och nëtt méih ze retten , ass trotzdeem nëtt erlaabt.
- Op Halleffaaschten huet eng Delegatioun Explorer a Pionnéier vun eisem Grupp sëch , mat de Réimecher Scouten un der Kavalkade zu Réimech bedeelegt'.

- Vum 20ten op den 21.04.2000 (Karfreideg) waren 6 Explorer an de Carlo duerch d'Nuecht an de Kiischtebierg gangen wou sie bei der "**Operatioun Getsemani**" eng reliéis Veillée erliewt an an engem Chalet geschloof hun. Den aneren Dag hun sie mat groussem kierperlechen Asatz Dännenstangen geseet, gebotzt an aus dem Bësch gedroen fir eise Konstruktiounsholzbestand ze vergréisseren;
- Als gouss Frënn vun der Natur hu mir eis den 06.05.2000 un der **Grousser Botz** an der Gemeng Duelem bedeelegt
- Den 19.05.2000 hun den Tim an de Gilles eng Start-rencontre organiséiert fir eng **RA-RO** (= Ranger-Rover) branche an eisem Grupp ze grënnen fir denen, déi fir Pio'en ze aal a fir d'Amicale nach ze jonk sinn, eng Plaatz an eisem Grupp ze ginn,
- Wéi all Joer ass d'Oktave den 14.05.2000 mam **Pélé des jeunes ugangen** .**M**ir haten eis zu Medingen aquartéiert fir vun do an d'Staad ze pilgeren. Den Tim an de Gilles hun eis do eng reliéis Veillée als Virbereedung op de Pélé ofgehalen, virun der mir al Cheffen nëmmen konnten den Hut zéien;
- Den 31.05.2000 war dann eis traditionnel **Mini-Playbackshow** als Optakt fir eis **Scoutskirmes**,
- déi den 01.06.2000 bei herrlechem Wieder konnt stattfannen. Mir Scouten hun eis Première ginn vum Programm vum Scoutszirkus Seppelino , deen beim Publikum gutt ukomm ass, an eis Amicale hat de Leit mat engem flotte Quiz an gudder Kichen villes ze bidden.
- Den 04.06.2000 war méih en traureg't Evenement op der Dagesuerdnung. Mir d'Cheffen an d'Amicale hun den **Abschied** vun eise Frënn a Grënnungsmemberen dem **Simone a René Thill** gefeiert, déi bis zulescht a mat ganz vill Asatz a Gescheck eis Kees geféiert hun. Sie hannerloossen e grousst Lach an eiser Amicale.
- Gleich drop ass et eescht ginn. Mat eisem Zirkus programm sinn mir dun vum 10te bis den 13.06.2000 op den Tour gangen .Eise **Paischtcamp** ënnert der Form vum Scoutswanderzirkus huet eis mat 4 Traktoren a Ween iwer Canach op Ehnen geféiert. 2 Virstellungen vun eisem Zirkus stungen um Programm, an dun een Dag Spillen a Raschten , éih mir Paischtd¨nsdes am Nomëttes nees mat eise Gefierer zu Duelem ukomme sinn.
- Jhust virum Summercamp hu mir nach eng grous Acquisitioun gemacht.Mir hun eis eng grouss **Jurte** kaft vun 51 m2 Well een dodrann ka Feier maachen hun mir lo op all Camp eng warem an drësche Stuff.
- Den 22.06.2000 um **TeDeum v**irum **Nationalfeierdag** hun d'Wiwel eis Faarwen vertrueden bei der offizieller Zeremonie vun der Gemeng
- Endlech, vum 18te -29.07.2000 war et souweit.Zu Tistrup bei Esbjerg an Dänemark hun mir , op de Spuren vun de Wikinger, een vun de flottste Summercamp'en bis elo erliewt. Am Scoutscenter Assenbaekmolle um "**Althing 2000**" - sou den Numm vun eisem Summercamp , hu mir mat den Explorer an de Pionnéier e flotten Scoutscamp erliewt, deen eis niewebei och nach den Ëmgang mat de Spillregelen vun der Parlamentarescher Demokratie geléiert huet;
- 3 Grupperéit, 10 Cheffversammlungen an 34 Versammlungen mat de Scouten hun nach stattfonnt vir d'Scoutsjoer voll ze maachen. Duerfir waren mir frouh, wéi mir dat gréngt Hiem den 29te Juli mol konnten an de Schaf hänken.

Souweit de Réckbléck op dat vergangent Scoutsjoer,